1-2019-O-R-5524-01 (n°3023)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, den 23. Oktober 2019

Dépôt: Fernand Kartheiser

1

**MOTIOUN**

D'Chamber:

An déiwer Suerg iwwert

- d'Verletzung vun der territorialer Integritéit vun der Arabescher Republik Syrien duerch d'Tierkei duerch eng rezent militäresch Offensiv ouni Erlaabnis vum Sécherheetsrot vun der Organisatioun vun de Vereenten Natiounen;
- d'Verletzung vun der territorialer Integritéit vun der Republik Zypern an der militärescher Occupatioun vun engem groussen Deel vun hirem Staatsgebitt zënter 1974;
- permanent Verletzunge vun der territorialer Integritéit vun der Griichescher Republik, och Member vun der NATO, virun allem vum Loftraum iwwer verschiddene griicheschen Inselen;

Fuerdert d'Regierung op:

- am Kader vun de politeschen a militäreschen Instanze vun der NATO d'Modalitéiten vun der zukünfteger Zesummenaarbecht vun den Alliéierte mat der Tierkei unzeschwätzen;
- dorop hinzewierken, datt eng Decisioun geholl gëtt, datt d'Tierkei, fir de Fall wou si duerch hir eege Verletzunge vum internationale Recht a besonnesch vun der Charta vun de Vereente Natiounen sollt Zil vu militäresche Géigemoossnamen duerch aner Staaten ginn, net kann op d'Solidaritéit vun den Alliéierten no Artikel 5 vum NATO-Vertrag zielen;
- dorop hinzewierken, datt d'Opportunitéit vun enger weiderer Bedeelegung vun der Tierkei u multilateralen Operatiounen an Exercicen iwwerpréift gëtt;
- virzeschloen, datt d'Tierkei keng Informatiounen méi aus alliéierte Quelle ka kréien, déi hir bei hiren offensiven Operatiounen géint aner Staate kéinten hëllefen.

Fernand Kartheiser

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique 20, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg